LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 683 vum 3. Mee 2024 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler an vun der honorabeler Deputéiert Madamm Carole Hartmann.**

*Wéi huet sech d'Zuel vun den Erkrankunge vun der Schilddrüs an de leschten 10 Joer entwéckelt? Wéi vill Erkrankungen dovunner ware klassesch Kriibsfäll?*

*A wéi ville Fäll konnten dës Kriibsfäll geheelt ginn?*

*Wéi verdeelen sech d'Kriibsfäll bei der Schilddrüs jee no Geschlecht? A wéi héich war den Duerchschnëttsalter vun de betraffene Patiente jee no Geschlecht? Ass de Prozentsaz vun de jéngere Leit, déi vun dëser Zort Kriibs betraff sinn, an de leschte Jore geklommen?"*

Déi meescht Erkrankunge vun der Schilddrüs si guttaarteg a ginn ausserhalb vum Spidol diagnostizéiert a behandelt. Si falen domat net ënnert de System vun der „Documentation hospitalière" an et besti keng Statistiken iwwert hir Frequenz.

Zwëschent 2013 an 2020, goufen am Nationale Kriibsregister am Duerchschnëtt eng 73 Fäll vu Schilddrüsekriibs pro Joer enregistréiert. Den heefegsten Typ vu Schilddrüsekriibs ass de sougenannte „carcinome papillaire de la thyroïde", dee 84.1% vun de Fäll ausmécht, dono kënnt de "carcinome folliculaire" mat 7.9%, an de "carcinome médulaire" mat 3.6%.

An Europa ass de Pronostic vun de meeschte Forme vu Schilddrüsekriibs ganz gutt. D'Iwwerliewenschancen op 5 Joer leie beim „cancer papillaire de la thyroïde" bei 93-96%[1] [2].

Fir Lëtzebuerg, an enger éischter virleefeger Analys, gëtt d'Iwwerliewenschance no 5 Joer op 95.8% errechent. Dozou muss een awer bemierken, dass mat klengen Zuele vu Kriibsfäll an enger klenger Populatioun, een e méi laange Suivi brauch fir genuch Donnéeën ze kréie fir eng definitiv Iwwerliewensprobabilitéit ze rechnen.

Am Laf vun den 8 Joer (2013-2020), goufen 190 nei Fäll vu Schildrüsekriibs bei Männer fonnt, an 395 Fäll bei Fraen. Domat ass de Schilddrüsekriibs ronn duebel esou heefeg bei Frae wéi bei Männer. Den Duerchschnëttsalter bei der Diagnose war 52 Joer (écart-type 16.7) bei de Männer an 48 Joer (écart-type 15.1) bei de Fraen.

Et gouf net festgestallt dass de Schilddrüsekriibs méi heefeg ass bei méi jonke Leit (ënner 55 Joer), mat enge 45 Fäll pro Joer an dëser Alterskategorie.

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2024

D'Madamm Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet
(s.) Martine Deprez

---

[1] https://www.sciencedirect.com/science/article/abs/pii/S0003426609003084

[2] https://www.sciencedirect.com/science/article/abs/pii/S095980491730789X